LSAP

**N° 4207**
Reçue le 04.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 04.05.2021

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 4. Mee 2021

Här Präsident,

Sou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

De Bildungsministère huet an dem aktuellen an am dem vergaangene Schouljoer vill méi op direktem Wee mat den Eltere vun de scolariséierte Kanner kommunizéiert ewéi dat soss de Fall ass. Dëst virun allem fir déi aussergewéinlech Moossnamen ze erklären, déi hu misse geholl ginn, am Kader vun der Lutte géint eng Verbreedung vum Corona-Virus. Leider hunn awer hautdesdaags net all Elteren d'Méiglechkeet, fir déi offiziell Texter a Kommunikatiounen ëmmer richteg ze verstoen. Dëst huet sproochlech Ursaachen, awer net nëmmen. Dobäi kënnt, dat d'Thematik ronderëm Pandemie eng komplex Matière ass. Entspriechend si verschidden Texter heiansdo relativ komplizéiert verfaasst. Et ginn allerdéngs Méiglechkeeten, op enger sougenannter “leichte Sprache” zeréckzegräifen, déi ënnert anerem méi bildlech ass, an dofir och méi verständlech ass. Eng Hëllef bei der Realiséierung an Ausschaffe vu sou Texter a “leichter Sprache” kann do de Service “Klaro”, vun der APEMH (Association des parents d'enfants mentalement handicapés) sinn.

An deem Zesummenhang well ech dem Här Minister fir Educatioun a Fuerschung dës Froe stellen:

- Kann de Minister mir erklären, wéi d'Richtlinne vum Ministère sinn, fir eng beschtméiglech Kommunikatioun un d'Elteren ze garantéieren ?
- Gesäit den Här Minister e Besoin, fir dës Kommunikatioun nach méi verständlech ze maachen ? Kéint de Minister sech an deem Zesummenhang virstellen, dat säi Ministère fir verschidde Kommunikatioune géif op d'Konzept vun der “leichte Sprache” zeréckzegräifen ?

Mat déiwem Respekt,

Simone Asselborn-Bintz
Deputéiert

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4207 vun der honorabeler Deputéierte Simone Asselborn-Bintz**

D'Eltere spigelen déi gesellschaftlech, sproochlech a kulturell Vilfalt erëm, déi eist Land auszeechent, a sinn domat e ganz heterogeent Zilpublikum, wat d'Kommunikatioun betrëfft. Et ass ganz kloer en Uleies vum Ministère, dëser Heterogenitéit Rechnung ze droen an d'Informatioun a Kommunikatioun un déi ënnerschiddlech Besoine vun der Populatioun unzepassen, esouwuel vum Inhalt hier wéi och vun de Supporten. Fir där Exigenz gerecht ze ginn, setze mir an der Elterekommunikatioun net nëmmen op Méisproochegkeet, mee och op Medievilfalt. Dofir ginn d'Kommunikatiounsaktioune systematesch op verschidden Axen deklinéiert, déi an hirer Komplexitéit (vu Käraussoe bis hin zu detailléierter Dokumentatioun), de Kommunikatiounskanäl (Printbrochuren a Flyeren, Web, Social media, Newsletteren, Videomessagen, asw.) an de Sproochen ënnerschiddlech ausgeriicht sinn an et esou erlaben, ënnerschiddlech Zilgruppe vun Elteren op ënnerschiddlech Manéier ze erreechen.

Esou ginn z. B. d'Publikatiounen, déi sech un Eltere riichten, jee no Sujet a bis zu fënnef Sproochen erstallt. Och déi meescht Websäite fir Eltere si méisproocheg. Doriwwer eraus gëtt um redaktionellen Niveau versicht, en adressategerechte Stil unzewenden a vu Fachterminologie an onnéidege komplexe Sachverhalter méiglechst ofzegesinn.

Et kann een ni genuch Efforte maachen, fir d'Kommunikatioun an d'Informatioun méiglechst effikass ze gestalten an un déi ënnerschiddlech Besoinen unzepassen. D'"leichte Sprache" ass an där Hisiicht ouni Zweiwel eng Approche, déi et erméiglecht, d'Kommunikatioune vum Ministère fir nach méi e breede Public, an notamment fir Leit mat Liesschwieregkeeten, zougänglech ze maachen. E systematesche Gebrauch vun der "leichten Sprache" bedeit allerdéngs e Méiopwand un Zäit a forméierten Ressourcen, zumools wou och an der „leichten Sprache" d'Informatioune musse simultan an e puer Sproochen ugebuede ginn, wat besonnesch bei méi urgenten, kuerzfristege Kommunikatiounen (wéi z. B. am Kontext vun der Covidkris) eng immens Erausfuerderung ass. De Ministère steet awer kloer an der Verantwortung, all Eltere mat senger Informatiounspolitik ze viséieren an ass am Gaang, d'Iwwerleeungen iwwer d'"leichte Sprache" am Kader vun senger Kommunikatiounsstrategie ze verdéiwen.